N°78
Entrée le 01.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.12.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Am Oktober 2014 gouf eng éischt Distributions-Campagne vu Kaliumiodidtablette gestart. Laut Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2618 huet de Lëtzebuerger Staat deemools 2,5 Millioune Pëlle kaaft gehat. An der Äntwert op d'Fro n°4031 hunn de Premier, d'Gesondheets- an d'Inneministesch erkläert:

> "D'Kaliumiodid-Pëllen bestinn aus engem Salz, dat ënnert normalen Stockagekonditioune quasi onendlech haltbar ass. 2008 huet den deemolege Gesondheetsminister den Acteure vum Jodprogramm d'Autorisatioun ginn, d'Stocken vun den Jodpëllen nëmmen am Fall vun enger « dégradation avérée » vun der Efficacitéit vum Produit z'ersetzen. Aus deem Grond hunn d'Kaliumiodid-Pëllen, déi 2014 un d'Bevëlkerung ausgedeelt gi sinn, just ee Produktiounsdatum (2011) an kee Verfallsdatum. D'Kaliumiodid-Pëllen ginn an regelméissegen Ofstänn op d'Qualitéit an d'Haltbarkeet am Laboratoire national de Santé (LNS) iwwerpréift. Déi nächst Kontroll ass fir 2021 virgesinn. "

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéini war déi lescht Kontroll vum LNS? Fir wéini ass déi nächst virgesinn?
2. A wéi engen Ofstänn kontrolléiert den LNS de Bestand?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten